LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 03 MARS 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 1791 du 29 janvier 2020 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant le « carsharing » des CFL, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°1791 vum 29. Januar 2020 vum honorabelen Deputéierte Max Hahn zum Sujet „Carsharing CFL"**

1. Flex Carsharing geréiert aktuell eng Flott vun 99 Gefierer mat folgenden Motorisatiounstypen:
   - 78 Bensinn bedriwwe Gefierer
   - 14 Elektresch bedriwwe Gefierer
   - 7 Diesel Gefierer

   Aktuell ass et net virgesinn, fir kuerzfristeg op 100% elektresch Gefierer iwwerzegoen. D'Ursaach dofir sinn op déi héich Uschafungs- an Infrastrukturkäschten zeréckzeféieren, déi de Moment eng wirtschaftlech Notzung vun dësen Gefierer nët méiglech maachen.

   Allerdéngs ass Flex beméit Léisungen ze sichen, fir an Zukunft esou vill ewéi méiglech op emissiounsneutral Gefierer iwwerzegoen.

2. Och wann een gesäit dass dëse Service vun enger Rei vu Leit genotzt gëtt, ass et de Moment awer nach ze fréi fir ee Bilan ze zéien. Deemno ass och nach net virauszegesinn, ob dës Offer op méi Plazen wäert an Zukunft ausgedeent ginn.

   Desweideren ass Flex mam One Way Service Enn Oktober 2019 mat 10 Gefierer op 7 Statiounen a Betrib gaangen.

3. Am Moment huet Flex 17 ënnerschiddlech Partnerschaften aus dem privaten an ëffentlechen Secteur, dovunner 7 Gemengen. Weider Entreprisen a Gemengen weisen Interessi u Flex, an et ass geplangt fir d'Unzuel vun esou Partnerschaften weider auszebauen.

4. Am Laf vum leschten Joer goufen et verschidden Gespréicher mat Carloh, dem Carsharer vun der Ville de Luxembourg, esou ewéi och mat den Responsabelen vun der Gemeng Lëtzebuerg, déi eng eventuell Zesummenaarbecht als Ziel haten. Allerdéngs hunn dës Gespréicher nach net zu engem Ofschloss gefouert.

5. D'Flex-Statiounen ginn haut schonn als POI (Point of Interest) an der CFL-App bei enger Trajet-Recherche uginn.

   Ab Abréll 2020 wäert Flex eng Schnëttstell kënnen zur Verfügung stellen, déi et erméiglecht fir d'Verfügbarkeet vun den Flex-Autoen op den eenzelen Flex-Statiounen souwuel iwwert d'CFL-App ewéi och iwwert Mobilitéits-App unzeweisen.